PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 MARS 2019
490

Lëtzebuerg, den 12/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Den honorabelen Här Minister Bausch huet a senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°299 aus sécherheetsrelevanten an ermettlungstechnesche Grënn net op all meng Froe geäntwert. E puer vun deene Froe betreffen awer éischter d'politesch Positioun vun der Regierung zum Thema a verlaange keng Divulgatioun vun ermettlungstechneschen a sécherheetsrelevanten Aspekter. Dofir wëll ech dem Här Minister e puer vu menge leschte Froe nach eng Kéier stellen, fir Präziséierungen zum Thema ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wéi eng Positioun vertrëtt den Här Minister Bausch vis-à-vis zu der Praxis Zero-Days-Schwaachstellen net ze mellen an Trojaner ouni d'Averständnis an d'Wësse vun der concernéierter Persoun op Computeren ze installéieren?
- Ass d'Regierung der Meenung, dass Lëtzebuerg ähnlech wéi d'Vereenegt Staaten vun Amerika een "Vulnerability Equity Process" fir d'ëffentlech Instanze sollt aféieren? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député